1-2021-O-X-6818-01 (n°3695)

Depot : Fernand Kartheiser

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 7. Dezember 2021

Projet de loi n° 7852

1

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

ass sech bewosst,

- datt grad am militäresche Beräich d'Technologien sech ganz séier entwéckelen,
- datt d'Erfarung mat den Dingoe gewisen huet, datt et och am militäresche Beräich wichteg ass, laangfristeg ze plangen an datt een, besonnesch och bei informateschen Equipementer, dacks Adaptatioune muss virhuelen, déi der Weiderentwécklung vun der Technik Rechnung droen,
- datt d'Acquisitioun vu militäreschem Material grouss budgetär Ressource verbraucht an datt dowéinst deenen Aspekter vun där laangfristeger Notzung an Amortiséierung an dësem Beräich eng besonnesch Bedeitung zoukënnt;
- datt och déi konkret Ëmsetzung vum Gesetz iwwer d'"*acquisition et le support logistique de véhicules de commandement, de liaison et de reconnaissance (CLRV) pour les besoins de l'Armée luxembourgeoise*" esou ausgeluecht muss ginn, datt dat zukünftegt Material allzäit muss kënnen adaptéiert ginn, fir technologeschen Neierunge Rechnung ze droen,

fuerdert d'Regierung op,

- d'Acquisitioun vum militäresche Material esou ze gestalten, datt dëst Material laangfristeg ka genotzt ginn an, wann néideg, ugepasst ka ginn, fir den technologeschen Neierungen an Entwécklunge permanent Rechnung ze droen.

Fernand Kartheiser

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**